



Commune de BERTRANGE



CLUB AM SCHLASS



SEPTEMBER - DEZEMBER
2026



VIRWUERT

Leider ass de Summer eriwwer, d'Temperature ginn erof, d'Beem kréien sou lues hier schéin Hierschtfaarwe bis d'Blieder erof falen an de Summer dem Hierscht/Wanter Plaz mëscht. Fir lech awer gutt duerch déi kommend Zäit ze bréngen, hu mir e flotte Programm opgesat.

Eis beléiften Trëppeltier sinn natierlech mat dobäi, genau sou ewéi eis gemittlech Filmnomëtteger a Spillnomëtteger. Dësen Hierscht hu mir keen Thé Dansant mee duerfir eis Foire Seniors.

Mir fänken dëst Trimester u mat engem Mëttegiessen op eiser schéiner Schueberfouer. Natierlech gi mir och op eng sëlleg aner Ausfluch.

Den Ufank mëscht eng Visitt vum Héichuewen um Belval mat Keele spillen. Gastronomesch gëtt et bei eisem Ausfluch zum Thema Trüff.

Éier mir d'Suen ausgi fir d'Feierdeeg, gi mir d'Zentralbank besichen.

Fir Chrëschtshopping ass och gesuergt, well mir fueren an de Fashionoutlet op Roermond an op de Chrëschtmaart op Traben-Trarbach.

Mir hoffen datt eise Programm lech gutt duerch déi kal Zäit bréngt an dir vill Freed dorunner hutt.




Mir freeën eis op lech.
Mandy a Sharon



CONTENT

Trëppeltier	06
Spillnomëtteger	10
Mëttegiessen op der Fouer	12
Konferenz - Patienteverfügung	14
Visitt vum Héichuewen um Belval	16
Filmnomëtteg "Sur la route de Madison"	18
Konferenz - Digital Nokommeschaft	20
Foire Seniors	22
Ausflug bei « La TruffA Chuchu »	24
Konferenz - Phishing	26
Visitt vun der Banque Centrale du Luxembourg	28
Ausflug an d'Fashion Outlet op Roermond	30
Chrëschtmaart Traben-Trarbach	32
Filmnomëtteg "Liebe braucht keine Ferien"	34
Chrëscht patt	36
SAVE THE DATE –Vakanz um Bodensee	38
Fotosréckbléck	42
Notizen	64
"Shared Space - Règlement principal"	66
Informationen / informations	67



TRÉPPELTIER

mam Raymond Merenz



Es gehört wohl zum Schönsten, was es gibt, sich ein Land zu erwandern.

Erika Hubatschek

Leider loose mir de Summer an déi waarm a sonneg
Zäit hannert eis an déi méi kal Zäit brécht eran. Ewéi
awer ëmmer gesot gëtt, et gëtt kee schlecht Wieder, just
schlecht Kleeder. Duerfir bidde mir lech eis Trëppeltier
mam Raymond Merenz och am Hierscht/Wanter un.

D'Departe gitt Dir bei der Umeldung gewuer. Wa mir net
am Duerf ginn an Dir keng Méiglechkeet hutt fir selwer op
den Treffpunkt ze kommen, versiche mir lech gären eng
Matfuergelleeënheet ze organiséieren.

Konditioun: Gutt zu Fouss

Vergiesst och wannechgelift net fest Schong a Gedréns
matzehuelen!

D'Participatioun erfollegt op eege Verantwortung.



 **22.09.2026**

 13.30 Auer

 5 - 8 KM

 **06.10.2026**

 9.00 Auer

 5 - 7 KM (Moies)

3 KM (Mëttes)

 **20.10.2026**

 13.30 Auer

 5 - 8 KM

 **17.11.2026**

 13.30 Auer

 5 - 8 KM

 **15.12.2026**

 13.30 Auer

 5 - 8 KM (Moies)

**Umeldung bis de
jeeweilegen Dag virdru!**

(eng Woch virdru wa mir
dee ganzen Dag ginn)

PROGRAMM

September - Dezember





SPILLNOMËTTËGER

MAT SMARTPHONEHËLLEF





Well mir leider kee Smartphone Café méi ubidde können, hu mir eis geduecht mir kéinte gesellege Spillnomëtteger organiséiere bei deene mir lech och mat einfache Problemer mam Smartphone hëllef kënne.

Mir si keng Informatik Profien, mee mir ginn awer eist Bescht lech esou gutt et geet ze hëllef, an dat verbonne mat gemittleche Gesellschaftsspiller.

An och ouni Smartphone-Problemer ass et einfach schéin zesummen ze setzen an d'Zäit ze genéissen.



-  **25.09.2026**
-  13.30-16.00 Auer
-  **23.10.2026**
-  13.30-16.00 Auer
-  **20.11.2026**
-  13.30-16.00 Auer

**Umeldung bis de
jeeweilegen Dag virdru!**

MËTTEGIESSEN OP DER FOUER



D'Schueberfouer ass dat gréisst an traditionellst Volleksfest zu Lëtzebuerg a fënnt all Joer um Glacis-Parking an der Stad statt. Si geet op eng laang Geschicht zeréck an ass fir vill Leit e festen Deel vum Summer.

Wann een d'Schueberfouer besicht, ass d'Stëmmung direkt speziell: vill faarweg Luuchten, d'Musek vun de Karusseller, de Geroch vu Séissem an Gegrills, an eng grouss Villfalt u Spiller an Attraktiounen fir Grouss a Kleng. Et gött vill ze gesinn an ze maachen – vun Riserad bis bei Achterbunnen a Villes méi.

E wichtege Bestanddeel vum Besuch ass natierlech d'lessen op der Fouer an zumools de gebakene Fësch. Duerfir huele mir zesummen den ëffentlechen Transport zu Bartreng a gi gemittlech lessen.



i

 **04.09.2026**

 Depart: 11.00 Auer

 Gemeng

 gratis (ouni lessen, ouni Gedréngs)

 **Umeldung bis den 25. August 2026**

KONFERENZ PATIENTEVERFÜGUNG

MAT OMEGA 90





Iwwer Krankheet, Liewensenn oder Doud ze schwätzen ass net ëmmer einfach. Zënter méi wéi 30 Joer begleet Omega 90 Mënschen, déi mat dëse Liewensrealitéite konfrontéiert sinn.

Den 22. September um 18.30 Auer proposéiert Omega 90 Iech eng Konferenz ronderëm d'Thema Patienteverfügung.

Wat geschitt, wann ech net méi soe kann, wat ech wëll? Dës Konferenz erklärt, wéi eng Patienteverfügung, eng Vertrauenspersoun an d'Bestëmmunge fir d'Liewensenn hëllefen, de perséinleche Wëllen ze respektéieren – a firwat et sou wichteg ass, sech fréi Gedanken ze maachen.

D'Konferenz ass op Lëtzebuergesch.



 **22.09.2026**

 **18.30-20.30 Auer**

 **Maison
Schauwenburg
(2. Stack)**

 **Gratis**

 **Lëtzebuergesch**

 **Umeldung bis den
11. September 2026**

VISITT VUM HEICHUEWEN

UM BELVAL



D'Siderurgie huet a spillt och nach ëmmer eng wichteg Roll fir d'Wirtschaft an de Räichtum vun eisem Land. Entdeckt mat eis ewéi deen eenzegen Héichuewen, deen een a Lëtzebuerg besiche kann, funktionéiert. Matten am impressionante Gebai erklärt de Guide eis de Fabrikationsprozess vu Goss a Stol.

Während der Visitt gitt Dir op eng Héicht vu 40 Meter, vu wou aus Dir eng spektakulär Vue op d'Cité des Sciences, den neie Quartier Belval an seng beandrockend modern architektonesche Realisatioune genéisst kënnt.

Fir eis virun der Visitt ze stäerken, gëtt et e gudde Maufel z'essen. De Menü kennt no.

Mir iessen am Restaurant Stella Rosa oder Duca&Friends.

Konditioun: Gutt zu Fouss a keng Angscht virun der Héicht



 **30.09.2026**

 Depart: 11.00 Auer
Retour: +-18.30 Auer

 Gemeng/Dicks/
ArcA/Fleuri

 40€ (ouni lessen,
ouni Gedränk)

 **Umeldung bis den
10. September 2026**

FILMNOMÉTTÉGE

SUR LA ROUTE DE MADISON | Un film de Clint Eastwood




L'avenir de Francesca Johnson (Meryl Streep) semble voué à l'échec lorsqu'une bifurcation inattendue l'amène à remettre en question tout ce qu'elle attendait de la vie. Alors que son mari et ses enfants sont absents à la foire de l'État de l'Illinois à l'été 1965, Robert Kincaid (Clint Eastwood) se rend à la ferme Johnson et demande à Francesca l'itinéraire pour se rendre à Roseman Bridge. Francesca apprend plus tard qu'il était en Iowa pour une mission du magazine National Geographic. Elle hésite à voir qu'il s'agit d'un parfait inconnu, puis elle accepte de lui montrer les ponts et, peu à peu, elle parle de sa vie d'épouse de guerre italienne, ce qui donne le ton à cette histoire d'amour douce-amère et trop brève de sa vie.

À travers la douleur de la séparation d'avec son amour secret et le profond isolement qu'elle ressent alors que les détails de sa vie la submergent, elle écrit ses réflexions sur cette histoire d'amour de quatre jours qui a occupé trois journaux. Les journaux ont été découverts par ses enfants après que l'avocat ait examiné le testament de Francesca et tout le contenu, ce qui permet de retrouver la clé de son coffre à espoir dans la chambre à coucher qui contenait certaines de ses affaires et celles de Robert. Le message qu'ils retirent de ces journaux est de savoir ce que vous devez faire pour être heureux dans la vie.

Après avoir appris que les cendres de Robert Kincaid avaient été dispersées au large du pont Roseman et que leur mère avait demandé qu'elle soit également incinérée et que ses cendres soient dispersées au large du pont Roseman, les enfants doivent décider s'ils veulent honorer les dernières volontés de leur mère ou l'enterrer aux côtés de leur père comme la famille l'avait prévu.

Adapté du roman de Robert James Waller, c'est l'histoire d'un amour spécial qui ne se produit qu'une fois dans une vie, si vous avez de la chance.



07.10.2026



15.00 Uhr



ArcA



Gratis



135 min



**Inscription
jusqu'au 2 octobre
2026**

KONFERENZ DIGITAL NOKOMMESCHAFT

MAM JEAN PETERS





Mir all hannerloossen haut digital Spueren: E-Mail-Konten, Online-Banking, Fotoen an der Cloud oder Profil an sozialen Netzwierker.

Mee wat geschitt domat, wann mir net méi do sinn?

An dësem Virträg léiert Dir, wat eng „digital Nokommeschaft“ ass a firwat et wichteg ass, dës zur richteger Zäit ze reegelen. Dir léiert, wéi Familljemembere op wichteg Konten zougräife kënnen – a wéi Dir Är digital Saachen esou uerdne kënnt, datt Är Familljemembere spéider net siche müssen.

Mat praktesche Tipps a genuch Zäit fir Är Froen ass dës Virträg genau dat Richtegt fir all déi, déi virsuerge wëllen.

D'Konferenz ass op Lëtzebuergesch.



 **08.10.2026**

 **14.00-16.00 Auer**

 **Maison
Schauwenburg
(2. Stack)**

 **Gratis**

 **Lëtzebuergesch**

 **Umeldung bis de
2. Oktober 2026**

FOIRE SENIORS 2026

6. EDITION





Kommt a besicht eis op der Foire Seniors.

Hei dréit sech alles dorëms, lech iwwert déi verschidden Themen ze informéieren a beroden ze loossen, déi lech am spéiden Alter betreffen.

Dir entdeckt hei allerlee Neits, fannt Inspiratioun, flott Iddien an nützlich Informatiounen fir Är Projeten.



i



10.10.2026



Centre Atert



Gratis



10.00-16.00 Auer

VISITT VUN LATRUFFA CHUCHU



Haut dréit sech alles ëm d'Trüff. Eng Trüff ass eng speziell a wäertvoll Zort Pilz, déi ënner der Äerd wiisst. Sie entwéckelt sech bei de Wuerzele vu Beem ewéi ënnert Eechen oder Hieselnoss-Beem. Trüffelen si bekannt fir hire staarke Geroch an hire feine Goût a ginn dacks an der gastronomescher Kiche benotzt.

D'Hierschtzäit ass d'Zäit fir d'Trüffel. Sich a genau dat hu mir haut vir. Mir fueren a Frankräich a kréie gewisen ewéi een déi lecker Champignone fënnt, benotzt a konservéiert. Natierlech kréie mir och verschidde Platen mat Trüffelen ze schmaachen.

De Besuch eegent sech also perfekt fir Gourmets an Naturfrënn: gutt lessen, Natur a Gemittlechkeet.

Konditioun: Gutt zu Fouss

Vergiesst och wannechgelift net fest Schong an eng Reejackett matzehuelen!



28.10.2026



Depart: 08.30 Auer
Retour: +18.00 Auer



Gemeng/Dicks/
ArcA/Fleuri




112€ (mat lessen +
1 Glas Wäin
+ 1 Kaffi/Téi)



**Umeldung bis den
10. September 2026**

KONFERENZ PHISHING

MAM JEAN PETERS




A dësem Virtrag léiert Dir, wéi Brigange am Internet virginn, fir u perséinlech Donnéeën wéi Passwierder, Bankdaten oder aner perséinlech Informatiounen ze kommen. Un Hand vun anschauléche Beispiller weisen mir lech, wéi gefälschten E-Mailen, SMS oder Websäiten ausgesinn a wourunner Dir dës erkenne kënnt.

Dir léiert einfach a praktesch Moosname kennen, mat deenen Dir lech an Är Famill effektiv virun esou Attacke schützen kënnt.

De Virtrag riicht sech un all déi, déi sécher a selbstbewosst am digitalen Alldag ënnerwee wëlle sinn.


D'Konferenz ass op Lëtzebuergesch.



-  **05.11.2026**
-  14.00-16.00 Auer
-  Maison
Schauwenburg
(2. Stack)
-  Gratis
-  Lëtzebuergesch
-  **Umeldung bis de
30. Oktober 2026**

VISITT VUN DER BCL

BANQUE CENTRALE DU LUXEMBOURG



Mir fueren haut mam ëffentlechen Transport an eis schéi Stad. D'Banque Centrale du Luxembourg (Zentralbank vu Lëtzebuerg) gouf 1998 gegrënnt, wéi den Euro agefouert gouf an d'europäescht System vun den Zentralbanken entstanen ass. Hir Missiounen sinn d'Uwerrwaachung vum Finanzsystem, den Ëmgang mam Euro, d'Analyse vun der Wirtschaft, d'Bezuelsystemer an d'Zesummenaarbecht mat der Europäescher Zentralbank.

Bei eiser Visitt kréie mir e Virtrag doriwwer gehal, wéi Suen a Banke funktionéieren a wéi d'Zentralbank fir d'Stabilitéit vun eisem Finanzsystem suergt. Duerno gött et och nach en Eierewäin.

Virun der Visitt kréie mir dann am Restaurant Brasserie du Cercle folgende Menü zerweiert:

- Bouneschlupp
- Trilogie vun de lëtzebuergesche Spezialitéiten (Judd mat Gaardebounen, Kniddele mat Speck, Kinnekspaschtéit)
- Granatapfeltartelett mat Chantilly-Crème



13.11.2026



Depart: 11.30 Auer
Retour: +-17.30 Auer
zu Bartreng



Gemeng



70€ (mat lessen
+1 Glas Crémant
+1 Glas Wäin/Béier/
Softdrink)



**Umeldung bis den
31. Oktober 2026**

AKAFEN AM DESIGNER OUTLET

ZU ROERMOND





D'Chrëschtzäit fänkt un a mir wëllen eise Léifsten natierlech eng kleng Freed maachen an hinnen eppes Flottes schenken. Eng schéin nei Chrëschttenue ze kafen ass awer och ni vu Muttwëll. Duerfir fuere mir zesummen an den Outlet op Roermond an Holland.

Schonns wann een ukënn, mierkt een déi speziell Atmosphär: am plaz vun engem klässesche Shoppingzenter steet een an enger Aart Duerf mat flotte Gebaier, kleng Stroossen a villen Butteker, déi sech een nom aneren opriichten. Natierlech kënn dir och op der Plaz eppes iessen an drénken.



26.11.2026



Depart: 07.00 Auer
Retour: +-22.00 Auer



Gemeng/Dicks/
ArcA/Fleuri



40€ (ouni lessen)



**Umeldung bis den
13. November 2026**

CHRËSCHTMAART

TRABEN-TRARBACH



De Chrëschtmaart zu Traben-Trarbach ass eppes ganz Besonnesches an ënnerscheet sech vun de meeschte klassesche Chrëschtmäert. Hien ass nämlech gréisstendeels ënnerierdesch an de Wäikellere vun der Stad opgebaut, wat eng ganz magesch Atmosphär schafft.

Wann een de Maart besicht, geet een duerch al, gewëlleft Keller, déi mat Luuchten, Chrëschtdekoratiounen an Stänn gefëllt sinn. D'Kombinatioun vu waarmem Liicht, Steenmaueren an dem Geroch vu Wäin a Séissem mécht dës Experienz ganz speziell.



Op de Stänn fënnt een vill handgemaache Produiten: Bijouen, Dekoratiounen, Käerzen a regional Spezialitéiten. Natierlech spillt och de Wäin eng grouss Roll – d'Regioun ass bekannt fir hir exzellent Riesling-Wäiner, déi een do direkt schmaache kann.

Och fir d'lessen ass gesuergt: et gëtt klassesch Chrëschtmaart-lessen wéi gebrannte Mandelen, Glühwäin, Bratwurschten a Kichelcher. Vill Leit huelen sech Zäit, fir gemittlech duerch d'Kellere ze bummelen, eppes Klenges z'iessen an d'Atmosphär ze genéissen.

De Chrëschtmaart zu Traben-Trarbach ass also eng ganz originell Erfahrung mat engem besonnesche Flair, deen een net esou séier vergësst.

Konditioun: Gutt zu Fouss, et si vill Trappen ze goen.



11.12.2026



Depart: 09.30 Auer



**Gemeng/Dicks/
ArcA/Fleuri**



40€ (ouni lessen)



**Umeldung bis den
30. September 2026**

FILMNOMÉTTÉ

„LIEBE BRAUCHT KEINE FERIEN“ | Ein Film von Nancy Meyers





Liebeskomödie um zwei Frauen, die erst ihre Häuser tauschen und dann ihre Herzen verschenken.

Workaholic Amanda (Cameron Diaz) lebt in Los Angeles und produziert Kinotrailer. Als sie entdeckt, dass ihr Freund sie betrügt, schmeißt sie ihn aus ihrer Nobelvilla. Einige tausend Meilen entfernt, in England, heult sich Journalistin Iris (Kate Winslet) in den Schlaf: Ihr Traummann hat eine andere geheiratet. Bloß weg, denken die beiden frustrierten Frauen, und als sie im Internet Kontakt aufnehmen, tauschen sie einen Urlaub lang ihre Häuser.

Die Britin Iris ist begeistert von ihrem Edeldomizil in Kalifornien. Dagegen tut sich die verwöhnte Amanda schwer mit dem wenig komfortablen Cottage in England. Doch dann lernt sie den charmanten Graham (Jude Law) kennen. Und auch Iris hat bald einen Verehrer: Filmkomponist Miles (Jack Black)...

„Liebe braucht keine Ferien“ ist ein Märchen für Erwachsene. So viel Schnee, wie wir auf der Leinwand sehen, ist im britischen Surrey, wo Regisseurin Nancy Meyers drehte, vermutlich in den letzten zehn Jahren nicht gefallen. Aber das macht nichts, denn der Film erhebt keinerlei Anspruch auf Realismus. Die Wirklichkeit, auf die er sich bezieht, ist die Traumwelt Hollywoods. So ist es nur konsequent, dass Iris sich in einen Filmfreak verliebt.



Cameron Diaz - Kate Winslet - Jude Law - Jack Black

Ein Film von Nancy Meyers

Liebe braucht keine Ferien

Von Regisseuren von "Was Frauen wollen" und "Was das Herz begehrt"



16.12.2026



15.00 heures



ArcA



Gratuit



136 min



Einschreibung bis zum 11. Dezember 2026

CHRËSCHT PATT

VUM CLUB AM SCHLASS





Et ass esou wäit, et si nëmmen nach e puer Deeg bis Chrëschttag. Fir op déi kommend Feierdeeg an d'Enn vun engem gelongene Joer unzestoussen, invitéiere mir lech härezech op eise Chrëschtpatt an de Chalet am Park.

An enger gemittlecher Atmosphär loosse mir dat lescht Joer nach eng Kéier Revue passéieren. Dir kritt d'Méiglechkeet de Club am Schloss besser kennen ze léieren, a vläicht fannt Dir Interessi un eise Coursen oder Excursiounen.

Mir freeën eis drop, lech am Chalet ze begréissen, a mat engem Pättchen unzestoussen.

i



18.12.2026



16.00 – 20.00 Auer



Chalet am Park



Gratis



**Umeldung bis
de 4. Dezember
2026**

SAVE THE DATE

VAKANZ UM BODENSEE





**Mir fuere vum 10. Mee bis de 14. Mee 2027
op de Bodensee an Däitschland.
De geneeë Programm mat de Präisser kënnt no.**

FOTOS RÉCKBLÉCK

Februar 2026 - Juli 2026





AKTICA

PENTACON

auto

1.8/50

MULTI COATING

VISITT VUN DER AIR RESCUE





HEIDELBERG





AUSFLUCH OP STROOSSBUERG – EUROPÄESCHT PARLAMENT






THÉ DANSANT





VISITT VU VERDUN






VISITT BRASSERIE NATIONALE & KEELE SPILLEN





VAKANZ AN HOLLAND






VAKANZ AN HOLLAND





AUSFLUCH OP REIMS





AUSFLUCH OP NANZEG





TRÉPELTIER





NOTIZEN

Maacht lech hei Notizen zu den Aktivitéiten
déi Dir maache wëllt

[illegible]

[illegible]



Commune de B E R T R A N G E



Shared Space

RÈGLEMENT PRINCIPAL



La voie publique est ouverte à la circulation motorisée, cycliste et piétonne



Vitesse maximale autorisée de 20km/h




Priorité à droite absolue



Le stationnement est interdit sauf sur les emplacements aménagés

1	Stadion André Wolff	64	4H max	8	Gemeng	24	2H max
2	Kierfecht	30	4H max	9	Am Zentrum	125	4H max
3	Duerfgaart	9	2H max	10	Atert	22	4H max
4	Beim Schloss	8	2H max	11	Tennis	18	4H max
5	Beim Schloss	13	1H max	12	Péitruss	83	4H max
6	Oppert	12	2H max	13	Apdikt	4	1H max
7	Schauwebuerg	8	1H max	A	ArcA (SANS DISQUE)	37	48H max



JOURS OUVRABLES DU LUNDI AU VENDREDI DE 08H00 À 18H00

INFORMATIONEN INFORMATIONS

WICHTIGE HINWEISE:

Die Teilnahme an Aktivitäten erfolgt auf eigene Verantwortung.

Anmeldungen werden telefonisch und per E-Mail entgegengenommen. Sie werden umgehend informiert, ob ein Platz frei ist oder ob Sie auf der Warteliste stehen.

Wurde Ihnen mündlich oder per E-Mail ein Platz zugesichert, dann überweisen Sie binnen 7 Tagen den entsprechenden Betrag mit dem korrekten Vermerk.

Ihre Anmeldung ist verbindlich.

Sollten Sie aus gesundheitlichen Gründen absagen müssen, so informieren Sie uns sofort. Unter Umständen können wir Ihren Platz an einen Interessenten weitergeben. Die für uns entstehenden Unkosten werden nicht zurückerstattet.

Bei vielen Aktivitäten werden Fotos von den Teilnehmern gemacht. Diese werden zur Publikation genutzt. Sind sie nicht damit einverstanden, dass ein Foto von Ihnen veröffentlicht wird, dann teilen Sie uns dies schriftlich mit.

AVIS IMPORTANTS:

L'utilisateur participe aux activités à ses propres risques. La commune décline toute responsabilité en cas d'accident.

Les inscriptions aux activités se font soit par téléphone, soit par courriel.

En cas de confirmation de votre inscription, veuillez effectuer le paiement dans les meilleurs délais.

Votre inscription est contraignante.

Si vous êtes dans l'incapacité de participer aux cours pour des raisons médicales, veuillez-nous en informer dans les meilleurs délais. Le cas échéant, votre place sera confiée à une personne sur la liste d'attente. Les frais d'inscription ne peuvent être remboursés dans aucun cas.

Lors de toute activité, des photos peuvent être prises et peuvent être reprises dans des publications. Si vous ne voulez pas figurer dans des publications, veuillez nous en informer en avance et par écrit.



Einschreibungen / Inscriptions

Club Am Schloss

26 312 250/255 ou clubamschloss@bertrange.lu

Comptes bancaires:

BCEE LU15 0019 1001 0292 6000 / CCPL LU54 1111 0070 9110 0000



**Club
Am Schloss**
centre de rencontre



COMMUNE DE BERTRANGE SERVICE 50+

2, BEIM SCHLASS | L-8058 BERTRANGE

WWW.BERTRANGE.LU

HEURES D'OUVERTURE

LUNDI AU VENDREDI
08:00 À 12:00 & 13:00 À 16:00



26 312 - 250 / 255



Circleoffset
Premium White